

En “Neistart” an der Schoul an an der Maison Relais

Den Dag 1

Inhaltsverzeichnis

Aleedung	3
1. D’Bedeitung vum éischten Dag	4
2. An der Schoul ukommen	6
2.1. Dagesufank an oppent Gespréich	6
2.2. Hygiène-Reegelen an der Schoul	7
2.3. Dagesoflaf an der Schoul	8
2.4. Schoulstonnen	9
3. Ukommen an der Maison Relais (MR)	10
3.1. Begréissung a Virstellung	10
3.2. Hygiènes-Reegelen an der Maison Relais	10
3.3. Gespréichsronn	11
3.4. Spillen-Kreativitéit-Beweegung	12
4. Aktivitéiten	13
4.1. Hygiènes-Reegelen	13
4.2. De Virus	13
4.3. Emotiounen/sozial Bezéiungen	14

Aleedung

Dir hutt iech bestëmmt scho vill Gedanken iwwert den éischten Dag no dem Lockdown gemaach an vill Iddien gesammelt. Mir erlaben eis iech mat dësem Dokument eng weider Hëllef unzebidden.

Nodeems de 16. Mäerz 2020 d'Schoulen an d'Maison Relais hir Dieren opgrond vum Corona-Lockdown hu missen zoumaachen, goufe souwuel d'Schoulstonnen, wéi och d'Betreiung op doheem verluecht. No insgesamt 10 Wochen Homeschooling a villen zousätzleche Verännerungen an Aschränkungen (Bewegungsfräiheet, sozial Kontakter asw.) fënnt de 25. Mee 2020 de "Neistart" an der Schoul an an der Maison Relais statt. Obwuel sou e Stéck "Normalitéit" an den Alldag zrëckkënnt, bedeit dëst souwuel fir d'Kanner an hir Elteren, wéi och fir d'Léierpersonal an Educateuren/tricen eng grouss Erausfuerderung. Duerch d'Corona-Kris an déi aktuell Situatioun hu souwuel d'Organisatioun, wéi och den Dagesoflaf missten ugepasst ginn a vill Léisunge gesicht ginn. De bekannten Alldag aus der Schoul an de Betreuungsstrukture gëtt plazeweis duerch neit Personal, nei Reegelen, nei Raim a Gebaier erweidert a stellt d'Kanner firun d'Erausfuerderung, ze léieren sech an der neier Situatioun erëmzefannen.

An dësem Dokument fënnt ee verschidden Iddien an Ureegungen, déi de "Neistart" no der Corona-Kris an d'Transitiounsphase vun der Corona-Kris zrëck an d'"Normalitéit" solle vereinfachen an hëllefen, d'Kanner am Iwwergang vun doheem zrëck an d'Schoul an an d'Maison Relais beschtméiglech ze ënnerstëtzen, hir Froen ze beäntwerten an eventuell Ängschten ze huelen. D'Dokument riicht sech virun allem un d'Cyclen 2-4. Fir den C1 ginn et spezifesch Recommandatiounen déi den Neistart an Raimlechkeeten betreffen. Vu datt d'Auswiel vun Aktivitéite, souwuel vun der Zilsetzung, wéi och vun de Kanner (hiner Stëmmung an hiren Interessen) ofhänkt, ginn zu all Theema ënnerschiddlech Aktivitéiten opgelëscht. Am Kapitel 4 befënnt sech eng Sammlung un Iddie fir verschidden Aktivitéiten.

1. D'Bedeutung vum éischten Dag

Beim "Neistart" spillt besonnesch den éischten Dag eng wichteg Roll. Virun allem am Ëmgang mat de Kanner, ass et wichtig, dësen ze notzen, fir déi **aktuell Situatioun ze thematiséieren**, mat hinnen iwwer déi aktuell Corona-Kris an dozougehéiereg **Reegelen** ze schwätzen an ze versichen, hinne Sécherheet ze ginn. Trotz villen Erklärungen soll dësen Dag awer net just "problembehaft" ugaange ginn, mee och als en éischte Schrëtt zréck an de Schoul- bzw. Betreuungs-Alldag mat all senge **Routinnen** ugesi ginn. Aus dësem Grond ginn an dësem Dokument net just Aktivitéiten an Diskussiounen ronderëm d'Corona-Kris opgeléicht, mee gläichzäiteg gëtt och d'Organisatioun vun de Schoulstonnen thematiséiert.

E weidere wichtige Bestanddeel ass de sozialen Austausch mat Gläichaltregen ze fërderen, dee fir vill Kanner während dem Lockdown limitéiert war a matt de Kanner hiert **Erliewen vum Lockdown** ze beschwätzen. Kanner brauchen aaner Kanner. Duerch den "Neistart" kënn also fir d'Kanner - wann och ageschränkt - net just den direkte Kontakt mam Leier- a Betreuungspersonal, mee och de **Kontakt mat de Frënn** zeréck. Virun allem an den éischte Wochen ass et wichtig, e bësse méi genee op d'Atmosphär, déi individuell Reaktiounen an d'sozial Interaktiounen vun de Kanner ze kucken. Eng sensibel Aschätzung erméiglecht, opzegräifen a sech e Bild ze maachen, wat d'Kanner an der Zäit vum Lockdown erlieft hunn a sou besser kënnen op eenzel Situatiounen anzegoen. A verschiddeenen Aktivitéiten steet dofir de sozialen Austausch am Mëttelpunkt.

Allgemeng däerf net vergiess ginn, datt déi aktuell Situatioun fir jiddereen aussergewöhnlech ass a jidderee viru vill Erausforderunge stellt. Och wann d'Kanner sech anescht ausdrécken, sinn si oft onsécher an ugespaant. Dofir schéngt et zemoos zu dësem Zäitpunkt wichtig:

- > ze versichen, déi eegen Ängschte an Onsécherheet net op d'Kanner ze iwwerdroen;
- > ze versichen, de Kanner e **Gefill vu Sécherheet** an Halt ze gi bzw. ze vermëttelen;
- > de Kanner e méiglechst spannenden an entspaanten Dag ze erméiglechen;
- > Alltags-Routinnen a Ritualer wa méiglech erëm opzegräifen, bzw. soss duerch neier ze ersetzen;
- > op de Kanner hir Froen a Suergen anzegoen an ze versichen, hinnen déi noutwendeg **Informatiounen** iwwer déi aktuell Situatioun ze ginn ouni se mat zevill Informatiounen ze iwwerfuerderen;
- > ze versichen, de Kanner **positiv Erfarungen** ze erméiglechen a sou hir Resilienz (séilesch Widderstandskraaft) ze stäerken.

De Retour virbereeden: Fir de Kanner schonn am Virfeld vum "Neistart" de 25. Mee en Deel vun hirer méiglecher Onsécherheet an hiren Ängschte a Besuch op déi nei Situatioun an der Grupp/Klass ze huelen, besteet d'Méiglechkeet digital Foto- bzw. Videobotschaften fir déi eenzel Gruppen/Klasse virzubereeden an den Elteren dës schonn an der Woch virdrun ze verschécken (z.B. per E-mail). Sou kënne Froe gekläert ginn, wéi:

- > Wéi gesäit meng Joffer/ mäi Schoulmeeschter/ meng Educatrice/ mäin Educateur mat Mask aus?
- > Wéi gesäit déi nei Persoun aus, déi ech kenneléieren?
- > Wéi eng Kanner si bei mir am Grupp?
- > Wéi gesäit de Sall aus, wou ech muss hin?
- > ...

D'Klärung vun dëse Froen kann dozou bäidroen, de Kanner d'Gefill ze ginn, besser virbereed ze sinn a sech méi sécher ze fillen fir erëm zrëck an d'Schoul an an d'Maison Relais ze goen.

Natierlech ass et wichteg dass am Virfeld den Enseignant vum Grupp moies sech mat dem/der éducateur/trice vun der Maison Relais austauscht , besonnesch wou e puer Theemen sech iwwerschneiden.

2. An der Schoul ukommen

Nodeems d’Kanner je no Gemeng/Schoul op ënnerschiddleche Weer an hirem jeweilege Grupp ukomm sinn, ginn d’Kanner aus der A-Grupp mat hirem Enseignant (oder eventuell sengem Ersatz) an en définiéierte Kllassesall, während d’Kanner aus dem B-Grupp mat enger anerer Persoun am Übungs- a Léiergrupp an en anere Raum oder en anert Gebäi ginn.

2.1. Dagesufank an oppent Gespréich

Am Kllassesall kritt all Schüler vum Enseignant seng Plaz zougedeelt. Wann neit Léierpersonal bzw. nei Educateuren/tricen derbäi kommen, ass et wichtig, datt dës sech de Kanner virstellen, falls dëst net schon am Virfeld gemaach ginn ass.

D’Kanner hunn sech iwwe e längeren Zäitraum net méi gesinn a sinn net (méi) onbedéngt mam Ëmfeld vertraut an dem si sech elo befannen. Dofir ass et trotz Reegelen vu sozialer Distanz wichtig, datt si sech als Grupp erëmfannen. Heibäi kënnen nei Ritualer zum Beispill fir sech Moien bzw. Äddi ze soen (cf. 4.3. Aktivitéit „Begrüßungsformen“), hëllefen an dozou bäidroen, datt si sech méi wuel fillen.

Eng Méiglechkeet fir duerno unzufänken a mat de Kanner an d’Gespréich ze kommen ass z.B. en oppent Gespréich.

En oppent Gespréich kann de Kanner Raum bidden, fir:

- > **hir Erliewnisser aus de läschte Wochen ze thematiséieren:**
 - Homeschooling
 - Lockdown
 - Fermeture vu Spillplazen
 - Frënn a Famill net méi gesinn
 - ...
- > **hir Froen ze stellen;**
- > **hir Erwardungen ze äusseren;**
- > **och positiv Aspekter ze ënnersträichen, déi den “Néistart” an der Schoul an an der Maison Relais mat sech brengen.**

Vu datt d’Schouklass elo an zwou Gruppen gedeelt ass (Grupp A a Grupp B), kann den Zesammenhalt tëscht de Kanner duerch gezielt Aktivitéite gefërdert ginn, déi d’Gemeinschaftsgefill trotz der physischer Distanz stäerken. Et ass wichtig, de Kontakt tëschent de Kanner oprecht ze erhalen.

Iddie fir de Kontakt mat Frënn aus der anerer Grupp ze ënnerstëtzen:

- > Aktivitéite plangen, wéi z.B. kleng Norichte molen oder schreiwen (cf. 4.3 „Post“).
- > All Kand eng “Bréifboîte” ariichten.
- > Aktivitéiten oder Biller virgesinn, un deenen d’Kanner aus den zwou Gruppen ofwiesslend schaffe kënnen .
- > iwwer Videochats a Videonoriichten matenee kommunizéieren
- > ...

2.2. Hygiène-Reegelen an der Schoul

D’Hygiènes-Reegelen ware schonn an deene leschten Wochen doheem vu grousser Bedeitung a wäerten och an de nächsten Deeg a Wochen eng wichteg Roll am Dagesoflaf vun der Schoul an der Maison Relais spillen. Dofir soll genug Zäit ageplangt ginn, fir d’Kanner mat dëse vertraut ze maachen, si ze informéieren wourop si mussen oppassen, awer och op hir Froen anzegoen an ze versichen, dës beschtméiglech ze beäntwerten.

Méiglech Froe vun de Kanner:

- > Wéi een Ofstand muss ech zu deenen Aneren halen?
- > Firwat genee 2 Meter?
- > Wéi wäschen ech mer d’Hänn da richtig?
- > Wéi oft a wéini soll ech mer d’Hänn an der Schoul wäschen?
- > Wéini muss ech mäi Buff unhun?
- > Wéi doen ech de Buff richtig un?
- > Däerf ech mäi Buff mat engem Aneren tauschen?
- > Däerf ech och mäin eegene Buff vun doheem matbréngen?
- > ...

D'Hygiènes-Reegelen (cf. Recommendations vum Gesondheitsministère) kënnen op ënnerschiddlech Art a Weis erklärt ginn.

Méiglech Iddien/Ureegungen fir un dës Thematik erunzegen:

- > **Quiz (cf. 4.1.), fir ze kucke wat d'Kanner scho wëssen;**
- > **Plakat an der Schoul,**
 - fir d'Reegelen nach eng Kéier ze erklären;
 - fir op déi eenzel Piktogrammer an hir Bedeitung anzegoen (Piktogrammer fënnt een ënner www.coronavirus.enfancejeunesse.lu → Material)
 - fir d'Reegelen fir jidderee siichtbar ze maachen;
- > **Video-Clips déi vum Ministère produzéiert gi sinn fir d'Reegelen ze erlären, falls déi technesch Ausstattung vum Raum et erlabt (www.coronavirus.enfancejeunesse.lu → Vidéoen fir Kanner)**
- > **Aktivitéit "Regelwächter" (cf. 4.1) fir d'Kanner ze responsabiliséieren fir op d'Anhale vun de Reegelen opzepassen;**
- > ...

2.3. Dagesoflaf an der Schoul

D'Kanner kréien den zäitlechen an organisatoreschen Oflaf vum Dag a vun der Woch erklärt. Froen ob déi heibäi eventuell kann agaange ginn, sinn ënnert Anerem:

- > Wéi ass den Oflaf vun der Mëttegstonn/dem Mëttegiessen?
- > Wéi verleeft d' Nomëttesbetreierung?
- > Wéi geet dat mat den Hausaufgaben an der Woch A an an der Woch B?
- > Wéi ass den Oflaf vun der éischter Woch (Opdeelung A a B)?
- > ...

Virun allem fir déi Kanner, déi sech elo an engem neie Sall oder Gebei befannen, soll erklärt ginn, wéi si sech am Beschten erëmfannen.

Punkten, ob déi heibäi eventuell kann agaange ginn, sinn ënnert Anerem:

- > Wou befanne sech déi eenzel Räumlechkeeten am Gebei (eegene Sall, Toiletten, Concierge,...)?
- > Wou ass de Busarrêt?
- > Wou a wéini fënnt d'Paus statt?
- > Wéi geet dat mat der Maison Relais?
- > ...

2.4. Schoulstonnen

Och an dëser aussergewöhnlecher Situatioun däerfen d'Schoulstonnen net vergiess ginn an et muss genug Zäit fir dës ageplangt ginn. Falls et sech erausstellt, datt de Grupp nach Gespréichsbedarf betreffend d'Corona-Kris huet, sollt d'Thema awer souwuel den éischten Dag, wéi och an der Zäit duerno ëmmer erem kënnen opgegraff an thematiséiert ginn.

An der Tëschenzäit gëtt et e puer Bicher zum Thema, déi kënnen mat der Grupp/ Klass duerchgeholl ginn. Lëtzebuergesch Bicher, déi ee gratis fir ze downloaden ënner www.coronavirus.enfancejeunesse.lu (Material) fënnt:

- > **De Corona Virus e Buch fir Kanner**
- > **Firwat bleiwt jiddereen doheim**

Béid Bicher ginn et op lëtzebuergesch, däitsch an franséisch.

Den Homeschooling war elo iwwer e puer Wochen e wichtege Bestanddeel vun de Kanner hirem Alldag. Fir den Iwwergang zrëck zu de "reguläre" Schoulstonnen ze vereinfachen, besteet d'Méiglechkeet, dësen ze thematiséieren. Heibäi kann ënner Anerem op Virdeeler, Nodeeler a Schwierigkeeten agaange ginn.

Méiglech Froen fir iwwer den Homeschooling ze schwätzen sinn z.B.:

- > **Wat hu mir alles gemaach/geléiert?**
- > **Wat ass liicht gefall? / wat ass schwéier gefall?**
- > **Wat huet Spaass gemaach?**
- > **Wat kéint ee besser maachen?**
- > **Soll ee just nach Homeschooling maachen an d'Schoul ofschafen? Firwat nët?**
- > ...

Um Enn vun de Schoulstonnen, bzw. um Enn vun der Zäit am Übungs-a Léiergrupp ginn déi eenzel Gruppen jeweils vun engem Educateur iwwerholl, dee mat hinnen am Sall bleiwt. Verschidde Kanner ginn heem. Besonnesch zu dësem Zäitpunkt kann et de Kanner hëllefen, si drun ze erënneren, wou si de nächste Moien higoen müssen (Schoul oder Übungs- a Léiergrupp). Besonnesch an där éischter Woch, wou den A Grupp 2 Deeg an den B Grupp 3 Deeg do ass, ass dat wichteg. Wann de Moment et erlabt, kann een beim Äddi-soen ob ähnlech Ritualer zrëckgräife wéi beim Moie-soen.

3. Ukommen an der Maison Relais (MR)

3.1. Begréissung a Virstellung

Well bei der Grupp fir Nomëttesbetreiung eventuell nei Kanner bäikomm sinn, déi virdrun nach net an der Maison Relais waren an och warscheinlech en aner Educateur/trice wéi gewinnt de Grupp betreit, steet den Ufank vum Nomëtten natierlech am Zeeche vun sech virstellen a kenneléieren.

D’Kanner si méiglecherweis och an engem ganz anere Raum oder Gebai wéi soss, oder d’Raimlechkeete sinn nei opgedeelt ginn, sou datt een de Kanner och genuch Zäit a Méiglechkeet sollt bidden, fir dësen neie Raum ze entdecken an dem Raum eventuell och en (neien) Numm ze ginn. Falls d’Raimlechkeete respektiv d’Gebai de Kanner onbekannt sinn, ass et och wichteg hinnen déi wichtegst Unhaltspunkten ze ginn.

Froen ob déi heibäi eventuell kann agaange ginn, sinn ënnert Anerem:

- > Wou sinn d’Toiletten?
- > Wou kann ech meng Hänn wäschen?
- > Wou ass den Ausgang?
- > ...

3.2. Hygiènes-Regelen an der Maison Relais

Nieft de bekannte Reegelen an der MR, un déi een d’Kanner hei erënnere kann, ass et elo och wichteg de Kanner direkt déi nei Organisatioun an déi nei Hygiènesreegele gutt ze erklären, datt si wëssen op wat si oppasse müssen, z.B. datt si an hirem Grupp bleiwe müssen, datt si net an déi aner Raim dierfen, mat wéi enge Spillsaachen si dierfe spillen a wéi, asw.

Méiglech Iddien/Ureegungen fir d’Reegelen virzestellen an dës ze erklären:

- > Plakater a Biller (cf. www.coronavirus.enfancejeunesse.lu → Material)
- > zum Thema passend Aktivitéiten (cf. Kapitel 4 a www.coronavirus.enfancejeunesse.lu → Aktivitäten)

3.3. Gespréichsronn

Ähnlech wéi déi oppen Diskussioun an der Klass, kann och an der Maison Relais eng kuerz Gespréichsronn de Kanner hëllefen, Äntwerten op hir Froen ze kréien.

Proposé fir eng méiglech Diskussioun:

- > nei Begréissungsritualer erfannen oder déi iwuerhuelen, déi d'Kanner moies an der Schoul uitgemaach hunn;
- > de Kanner Zäit a Raum ginn iwwert déi lescht Wochen an dat wat si erliewt hunn ze schwätzen (falls d'Kanner nach de Wonsch verspieren doriwwer ze schwätzen an et net schonn ausféierlech an de Schoulstonne gemaach gouf);
- > de Kanner Zäit a Méiglechkeet bidden, all hir Froen ze stellen;
- > erausfannen, wat de Kanner hir Erwaardunge sinn an op dës agoen.

D'Vermëttlung vu positive Messagen ass an dësem Kontext och ganz wichteg, wéi z.B. :

- > lo rëm d'Méiglechkeet ze hunn, seng Frënn kënnen ze gesinn (gemeinsam iwuerleeën, wéi een zesumme spillen an interagéiere kann, ouni d'Ofstandsreegelen ze brieche)
- > méi, respektiv anert Material fir ze spillen an ze bastele ze hunn, wéi doheem
- > Ofwiesslung zum Alldag doheem ze hunn (zesumme spillen, Aktivitéiten dobaussen...)
- > ...

Wéi och schonns moies an der Schoul, kann och hei iwuerluecht ginn, wéi een de Kontakt mat de Frënn, déi net an der selwechter Grupp sinn, organiséiere kann.

Méiglech Iddien/Ureegungen fir den Austausch tëschent den 2 Gruppe vun enger Klass sinn:

- > Aktivitéite plangen, wéi z.B. kleng Messagen/Biller molen oder schreiwen a kleng Bréifkëschte pro Kand ariichten (cf 4.3.),
- > gemeinsam Aktivitéiten oder Biller plangen, un deenen déi 2 Gruppen ofwiesselend schaffe kënnen ,
- > Videobotschaften oder Videochats organiséieren.
- > ...

3.4. Spillen-Kreativitéit-Beweeegung

Natierlech sollt och d'Spillen an d'"Sech-amuséieren" net ze kuerz kommen. De Kanner sollt d'Méiglechkeet gebuede ginn fir ze spillen, kreativ ze sinn, sech ze beweegen an/ oder an der Natur ze sinn, fir datt si diesen "Neistart" positiv an Erënnerung behalen. D'Kanner sollen Geleegeenheet kréien sech ze bewegen esou weit d'Wieder et erlaabt. Am Kapitel 4 an op der Internetsäit www.coronavirus.enfancejeunesse.lu sinn dofir nach eng helle Wull Aktivitéite betreffend d'Natur an d'Beweeegung ze fannen.

Um Enn vun der Nomëttesbetreiung ginn d'Kanner heem. Och zu diesem Zäitpunkt kann et de Kanner hëllef, wa mir si drun erënneren, wou si den nächsten Dag mëttes betreit ginn a wouhin si dofir musse goen.

4. Aktivitéiten

Warscheinlech géif et souwuel zäitlech, wéi och inhaltlech de Kader vum éischten Dag sprengen, fir op alles anzegoen, wat déi aktuell Corona-Kris betrëfft.

Vu datt d’Kanner an deene leschte Woche vill an hiren eegene 4 Wänn hu musse bleiwen, ginn um Site www.coronavirus.enfancejeunesse.lu eng Réi Aktivitéiten zum Thema Beweegung an Naturerfahrung fir déi verbleiwend Deeg a Woche präsentéiert. Grad elo ass et wichteg, datt Kanner sech kënnen dobaussen austoben an d’Natur genéissen an exploréiere kënnen.

An de folgende Lëschten si souwuel déi Aktivitéiten zum Thema Coronavirus ze fannen, déi schon am Dokument erwäant sinn, wéi och weider Iddien an Ureegunge fir Aktivitéite fir den 1. Dag (an d’Zäit duerno). Op dës soll - falls néideg a wann Zäit et erlaabt - kënnen zréckgegraff ginn fir eventuell beim Opschaffe vun der momentaner Situatioun als méiglech Ënnerstëtzung an Hëllef ze déngen. Méi détailléiert Beschreibungen fir all eenzel Aktivitéit an vun villen aaneren Aktivitéiten sinn ënnert www.coronavirus.enfancejeunesse.lu nozeliesen.

4.1. Hygiènes-Reegelen

Numm	Ziler	Dauer
“Die Regelwächter”	Mat Hëllef vun de “Regelwächter” soll d’Anhale vun den Hygiènesreegelen, wéi z.B. Ofstand hale assuréiert a kontrolléiert ginn.	4 h
Quiz “Die Hygieneregeln”	Op eng spilleresch Aart a Weis gëtt getest wéi vill d’Kanner scho wëssen.	20-30 min

4.2. De Virus

Numm	Ziler	Dauer
“Transportring/ Gemeinsam das Virus eliminieren”	Visualiséierung vun den Ofstandsreegelen an datt Pandemie just ka bekämpft gi, wa mir all zesummen halen.	20-30 min

4.3. Emotiounen/sozial Bezéiungen

Numm	Ziler	Dauer
“Braddel Bingo-Corona”	Spilleresch Méiglechkeet fir d’Kanner iwwer de Coronavirus ze schwätzen Moyen erauszefannen, wat d’Kanner bei engem bestëmmten Thema am meeschte beschäftegt a wat si scho wëssen	30-60 min
“Post”	Moyen fir d’Kanner, déi duerch A a B Opdeelung physesch vun enee getrennt sinn, mateneen ze kommunizéieren	10-60 min
“Begrüßungsformen in Corona-Zeiten”	Alternativen, wéi een sech a Corona-Zäit begrësse kann	ca. 15 min